

déi Lénk 12. Kongress Schieren

Rapport parlementaire, 2e partie, 20' / S.U.

Kolleginnen a Kollegen,

Wéi mer 2013 zu de Neiwahlen ugetratt sin, hu mer insistéiert op d'Verbindung déi et gët tëschent der sozialer Kris an der politescher Kris.

Ni virdrun war déi sozial Kris esou spierbar: duerch de wuessende chômage, déi wuessend Aarmutt, an eng Austeritéitspolitik, déi sech vu Joer zu Joer erneiert an additionnéiert huet, awer och duerch déi neoliberal Struktureformen.

An och ni virdrun war déi politesch Kris duerch déi Dysfunktionnementer am Staat esou gräifbar: vu Wickreng-Léiwing iwwer Cargolux zum Geheimdingschtskandal, dee schliessléch zu de Neiwahlen am Oktober 2013 gefouert huet!

A béid Krisen - déi sozial-an déi politesch – sin zréckzeféiren op den ékonomesche Funktionnement vun enger kapitalistescher Gesellschaft déi an der Etapp vum Neoliberalismus ass.

Dee Neoliberalismus gräift an, op eng ganz nei Manéier, an de Funktionnement vum Staat. An dat an de Nationalstaaten, awer och op iwwerstaatléchem Niveau. Net nëmmen an der EU. Mee och iwwer TTIP an aner Accorden déi d'staatléich Regeln am Intérêt vun enger klenger, dominanter Schicht vun Ultraräichen ganz nei définéire wëllen.

An eise Wahlprogramm 2013 hu mer duefir och déi gesellschaftléch Ännerunge skizzéiert déi eleng deen Tsunami ophale kënnen. Well en einfachen Zréck zu de Verhältnisser vun de

Nokrichsjoren verstéisst wuel géint d'Logik vun der Geschichtsentwicklung.

Mer hun an der Einleitung geschriwwen dass mer eng Gesellschaft wëllen an deër all Mënsche selbstbestëmmt a Fridde, Würd a sozialer Sécherheet zesummeliewe kënnen an an deër se déi gesellschaftléch Verhältnisser demokratesch gestalte kënnen, an deër Männer a Fraen gläichgestallt sin a keng Minoritéiten diskriminéiert gin.

Als Ziler hu mer duefir genannt:

- den dauerhaften Ausbau vun der Demokratie;
- e sozial-ékologësch Embau;
- eng gerecht Verdeelung vum geschaafene Räichtum;
- eng solidaresch Wirtschaftsuerdnung op nationalem a globalem Niveau.

Wann der dee Programm nokuckt – deen op engem Kongress ugeholl gin ass, an op dem mer gewielt sin – e.a. d'Kapitel 1 (Demokratie a Verfassung), gesi der dass mer versicht hun, eis Roll an der Chamber och am leschte Joer an dem Sënn ze spillen.

Mer hun déi Iddie préziséiert bei denen Débaten, wou et em demokratesch Froe gaangen ass.

Mer hu beim Débat iwver den Deontologie Kodex vun den Deputéierten kritiséiert dass d'Verbindunge mat aflossräiche Wirtschaftskreesser net offegeluecht gin an och net ënnerbonne gin wann se d'Onofhängegkeet vum Mandat a Fro stellen.

Beim Deontologiekodex vun de Ministren hu mer kritiséiert dass de Wiessel an d'Privatwirtschaft weiderhin ouni Iwergangszäit méiglech wert sin.

Dat ass och kee Wonner:

Bei der Walkampagne hun neoliberal Organisatioune wéi 5 fir 12 wéi ni virdrun hir Roll gespilt. Mam Resultat dass wéi ni virdrun d'Chamber duerch Geschäftsaffekoten geprägt ass, dass wéi ni virdrun Lobbyisten wéi de Pierre Gramegna och direkt an d'Regierung an anerer wéi den Alain Kinsch an de Staatsrot kommen. Consulting-Gesellschaften déi virun de Wahlen d'Ministere Frieden, Wiseler a Schneider e.a. bei hiren obskuren a gescheiterte Geschäfte mam Katar beroden hun, mäschen sech elo nach méi direkt an d'Staatsgeschäfte an.

Mer hun och d'Joer an der Institutionskommissioun matgeschafft un dem Projet, fir dem Land eng nei Verfassung z'entwerfen 150 Joer ze gin.

Och do huet de Bierg schlussendlech eng Maus gebuer. Dee Verfassungsentwurf bleiwt an allen Hinsichten zréck hannert dem wat een ënnert enger avancierter Demokratie kéint verstoen sou wéi m'är se an eisem Programm définiert hun.

An dat läit och eigentlech an der Logik vun der Saach.

Well de Neoliberalismus wëll jo an de wesentlechen inhaltleche Froen net no fir an der Demokratie, e wëll no zréck. D'Referendums-Froen betreffen de formelle Kader vun der Demokratie an et ass och aus biergerlécher Siicht net länger vertriebbar d'Halschecht vun der Bevölkerung aus dem Corps électoral auszuschléissen ouni d'Legitimitéit vun der Demokratie a Fro ze stellen.

Zum Inhalt. Wann dat einfach Bäifügen vum Wuert "sozial" bei der Definitioun vum Staat vun de Memberen vun der Kommissioun als Gesellschaftsmodell ugesi get – an dat ass tatsächlech esou argumentéiert gin fir eise Virschlag ofzeleenen – da, léif Kolleginnen a Kollegen, gesäit een dass an enger Zäit vum soziale Réckschrëtt villes eng Systemerausfuederung ka gin a net méi integréiert ka gin.

A fir eis stellt sech ganz däitlëch d'Fro wéi mer d'Ressorten vun deër neier Gesellschaft, déi mer ustriewen, haut scho stärke wëllen fir dass se net beim klengste Lach an der Strooss dohin zerbréchen.

Eng aner Gesellschaft, eng sozialistesche Gesellschaft ka nëmmen op dene selwechte Prinzipie berouen déi mer haut vertrieben an ustriewen.

-Wéi kënnen d'Gemengen demokratesch verwalt gin wa net duerch eng breet Zoustëmmung vun de Leit?

-Wéi kënnen virun allem d'Betriber am Intérêt vun der Wirtschaft a net an dem vun hire Besëtzer gefouert gin, ouni dass sech d'Bewosstsäin vu gesellschaftlecher Propriétéit entwickelt?

-Wéi kann eng Gesellschaft opgebaut gin, wann et net e neit Bewosstsäin vu Solidaritéit get?

-Wéi kann de Staat emgebaut gin, ouni Biergerinnen a Bierger déi de gemeinsamen Intrérêt vun der grousser Majoritéit ustriewen a sech selwer als aktiv Träger vun der demokratescher Souveränitéit gesin?

Wa mer haut müssen der Halschecht vun der Lëtzebuerger Bevölkerung kloer maachen dass déi auslännesch Aarbëchter an Ugestellten si net bedreën, an dass si och net müssen fir d'éischt en Entréesticket an d'lëtzebuerger Kultur an d'lëtzebuerger Sprooch huelen fir hir demokratesch Rechter hei am Land wouer ze huelen,

dat se duerch hir Aarbécht mat um Liewen halen, da wësse mer wéi e Stéck Wee nach bis zu deër neier Gesellschaft ze goen ass.

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Mer hun eisen alternative Verfassungsvorschlag viru kuerzem virgestallt.

E wir net ouni d'Initiativ an d'Redaktiounsarbécht vum Änder Hoffmann zustane komm. Wat och beweist dass d'Rotatioun net onbedingt zu manner Arbécht féiert.

Mer hun den Text e ganzen Dag op engem Séminaire diskutéiert an d'NAKO huet en ugeholl.

En ass zënter 1 Woch interaktiv um Site a get scho kommentéiert a komplétiert.

Mer wëllen en och elo mat den Organisatiounen, déi dat wëllen, diskutéieren fir e weider ze verbesseren.

An do soll en am Hierscht zesummen mat sengem grouse Brudder – a Wierklechkeet sengem klenge Brudder -, dem offiziellen Vorschlag vun der Institutiouns- a Verfassungskommissioun als Proposition de loi vun eis an d'parlamentaresch Diskussioun goen an – indirekt – dono an déi nei Referendumsdiskussioun am Joer 2017, déi jo den 2.Vote vun der Verfassung an der Chamber ersetze wert.

Mer wëlle während deër ganzer Zäit – deër trotzdem historiescher Zäit vun der Verfassungsgebung – eis Themen am Gespréich halen.

Déi Themen wëll ech hei résuméieren:

1. E Sozialstaat, en Etat laique, deen sech Ziiler setzt déi net déi vun de liberale Wirtschaftskreesser sin, d.h.:

-eng Réckféirung vun de sozialen an ékonomeschen Ongläichheeten, e.a. duerch eng emverdeelend Steierpolitik, an eng nohalteg Entwicklung no dene Prinzipien;

-an eng Ofschafung vun de Militärbléck an en Opbau vun de net-militäresche Sécherheetsstrukturen an dem internationale Recht;

2.E Staat deen déi klassesch liberal Biergerrechter ausbaue wëll, awer dobäi déi informationnell Selbstbestëmmung aféire wëll an d'politesch Bspëtzlung am weide Sënn verbidde wëll. Deen awer gläichzäiteg déi sozial Rechter an d'Rechter vun ékonomescher Matbestëmmung wesentlech ausbaut. An deen Besëtzerrechter un den allgemengen Intressi bënnt an d'Privatiéirung vun der Sécurité Sociale verbitt.

3.e Staat deen déi stoark formuléiert Grondrechter géint Regressiounen schützt a fir Verbesserungen opmécht.

4.e Staat deen d'Muecht bei senger Birger gesäit, zu denen d'Lëtzebuerger gehéieren awer och, no enger Zäit, déi aner Leit déi hei wunnen.

5.e Staat dee senger Birger nei politisch Initiativrechter get fir seng Gesetzer z'änneren.

6.e Staat deen d'Chamber stäerkt vis-à-vis vun der Regierung an deen dowéinst e President huet a kee Monarch deen a Wierklechkeet enger quasi-monarchistesche Funktiounsweis vun der Regierung en Hëllgeschäin get. Duefir ënnerstëtze mer och d'Mandatsbegrenzung vun de Ministeren, déi dem Parlament méi pouvoir get wat direkt vum Vollék gewielt ass.

Léiw Kolleginnen a Kollegen,

An der Institutionskommissioun an der Chamber hu mer d'Froen fir de Referendum an hirer Détailformuléierung kritiséiert an eis enthalen.

Mer hun och Froen derbäi formuléiert déi der kennt an déi alleguer ofgeleent gi sin.

Mee an der Chamber hu mer d'Gesetz gestëmmt well et an déi richteg Richtung geet a well et fir d'éischt zënter laangem erëm de Wee vir eng öffentléc Diskussioun opmécht déi a Richtung vun eisem Slogan beim Referendum geet: Jo. Demokratie stäerken.

Nach e puer Wuert zur Trennung vu Kierch a Staat.

Mer hun an der Chamber géint d'Konventioun mat der kathoulescher Kierch gestëmmt, well se keng wierkléc Trennung mam Staat vollzitt.

D'Relioune kréien e neit Kapitel an der Verfassung, si gin domat op eng nei Aart a Weis institutionaliséiert.

Derhannert steet d'Iddi – an dat ass och däitlech gesot gin – d'Relioune ideologesch fir déi sougenannt westléc Werter anzebannen.

An dat och elo vill méi däitléc an der Schoul, wou et net méi em Kathechismus mee em Ideologie geet.

De Moment si mer amgaang an der Institutionskommissioun iwwer de SREL ze diskutéieren, woubäi et ëmmer méi kloer get – an dat soen haut schon offiziell Verrieder vun der Justiz – dass dee Service nom Prinzip vun enger Aart Gedankepolice funktionnéiert a net ze kontrolléieren ass.

Wann ee weess dass eng vun de Missiounen vum SREL d'Bekämpfung vum "Extremismus" ass, an dass de Premier Bettel

och eis als Extremisten bei enger Debatt iwwer d'Konventioun mat de Kierchen an der Chamber bezeechent huet, da weess een wat fir eng Gedankekonstellatioun beim politesche Chef vum Geheimdingscht herrscht a wéi stoark ideologesch Konzeptionen an d'Arbécht vun de Geheimdingschter eraspille kënnen, déi jo Instrumenter vun de Regirunge sin fir all méiglech, vun hir eleng definéiert Geforen auszespionéieren.

Léif Kolleginnen a Kollegen,

Et bleiwt dës Kéier – aktualitéitsbedingt - keng Zäit fir op d'Sozialpolitik anzegoen, déi ech awer och an de Kommissiounen vun der Arbécht, der sozialer Sécherheet, der Gesondheet (an de Justin an deër vun der Fonction publique) matdiskutéiert hun, all Kéiers am Gespréich mat dene concernéierte Berufsmilieuen a gewerkschaftlechen Organisatiounen.

Dat huet sech eremgespigelt, wat mech ugeet, an Debatten iwwer de Budget, iwwer déi sougenannt Kompetitivitéit, iwwer de plan hospitalier, d'Pflegeversécherung, an, an de Kommissiounen, an Arbéchten zur Reform vum Reclassement, vum contrôle médical, vum dialogue social.

An all dene Gebidder an a weidere Froen vum Arbéchtsrecht wéi der Sozialer Sécherheet wert et am nächste Joer zu déifgräifende Strukturreformen kommen, déi d'sozial Ausenansetzungen weider beliewe werten an all eis Opiersamkeet verlaangen, a bei dene mer och weiderhin ausserhalb vun der Chamber eise Rôle spille müssen.

International ware mer och aktiv op verschiddene Sujeten. Esou ware mer um Ursprung vun enger Motioun an deër d'Chamber d'Regierung opfuedert Palästina unzeerkennen, mer mengen dass dat weiderhin aktuell ass.

A natierlech wert den europäische Sommet ënnert Lëtzebuerger
Présidence vum Juli un eis ganz Opmierksamkeet op sech zéien.

Duefir hu mer och en débat gefrot dee wahrscheinlech am Mee
stattfanne wert.

Griichenland, d'Flüchtlingsfro, a weider Froen, wéi d'Krichsgefor an
der Ukrain oder déi international Handelsofkommen, werten dobäi
am Mëttelpunkt stoen.

Lëtzebuerg wert eng grouss Roll zoukommen zu engem Moment wou
déi europäisch Konstruktoun a Fro gestallt ass a wou ganz kloer
d'Fro vun der Richtung gestallt ass:

Entweder kommen déi al europäisch Dämonen vum Nationalismus,
vum Imperialismus erëm op, an enger Konstellatioun déi un
d'drëssiger Joren erënnert an déi de Vincent Artuso as sengem
Bericht deelweis beschriwwen huet.

Oder déi europäisch Konstruktoun kritt e politeschen, sozialen,
demokratische Contenu a leet eng nei Etapp vun der Integratioun an
Zesummenarbécht an, déi op eng Emverdeelung vun de
wirtschaftlechen Iwerschëss erausleeft.

Och déi lénk Kräften an Europa musse bei dem Choix hir Säit
ergräifen.

Grat wéi beim Referendum gët et fir eis keng Abstentioun a kee vote
blanc.

Mer soen och hei: Jo. Demokratie stäerken.

Merci.

(Nëmmen de geschwatene Text gëllt)